N°4512
Entrée le 21.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.07.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 21. Juli 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister an un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden.

An hirer Äntwert op eis parlamentaresch Fro N°3506 ënnersträichen den Här Premierminister an d'Madamm Ministesch d'Wichtegkeet vum Uleeën vu strategesche Liewensmëttelreserven fir d'Preparatioun op Krisen an den Opbau vun der nationaler Resilienz. Als Beweis dofir, wéi wichteg se den Opbau vu strategesche Liewensmëttelreserve hellt, verweist se och op d'National Resilienzstrategie.

Am Dokument ginn ënner anerem d'Produktioun, d'Transformatioun an d'Verdeelung vu Liewensmëttel behandelt. Eng fundamental Viraussetzung vun der landwirtschaftlecher Produktioun – d'Disponibilitéit vu Geseems – gëtt dobäi awer net explizitt thematiséiert.

Dobäi handelt et sech bei Geseems ëm eng essenziell Grondressource, ouni déi weder eng landwirtschaftlech Produktioun nach eng nohalteg Versuergungssécherheet méiglech ass. Eng staark Onofhängegkeet vum Ausland an dësem Beräich kéint am Krisefall eng potenziell Schwaachstell duerstellen.

An deem Kontext géinge mir der Regierung follgend Froe stellen:

- Wéi bewäert d'Regierung d'Roll vum Geseems als strategesch Ressource am Kader vun der nationaler Resilienz a Versuergungssécherheet?
- Aus wéi enge Grënn gëtt d'Thema Geseems net explizitt an der „Stratégie nationale de résilience" behandelt?
- Verfüügt Lëtzebuerg aktuell iwwer strategesch Reserven u Geseems?
    - Wann jo, fir wéi eng Kulturen a fir wéi eng Dauer?
    - Wann nee, ass geplangt, esou Reserven opzebauen?
- Wéi grouss ass d'Ofhängegkeet vu Lëtzebuerg vum Import vu Geseems, opgedeelt no de wichtegste Kulturen?
- Wéi laang kéint d'landwirtschaftlech Produktioun zu Lëtzebuerg ouni Zougang zu importéiertem Geseems oprechterhale ginn?
- Gesäit d'Regierung d'Noutwendegkeet, d'national Kapazitéiten an der Produktioun oder Vermeere vu Geseems ze stäerken?


Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

– Ginn et aktuell Initiativen oder Pläng, fir déi lokal oder regional Geseems-Produktioun auszebauen, bezéiungsweis d'Landwirtschaft beim eegene Geseemsopbau ze ënnerstëtzen, an/oder robust, lokal ugepassten Zorten ze fërderen?
– Ass d'Regierung der Meenung, datt d'Disponibilitéit vu Geseems en integralen Deel vun der nationaler Resilienzstrategie soll sinn?
    - Wa jo, wéi soll dës konkret ëmgesat ginn?
    - Wann nee, firwat net?
– Wéi eng Roll gesäit d'Regierung fir Lëtzebuerg am europäesche Kontext, wat d'Sécherung vu landwirtschaftleche Grondressourcen – dorënner Geseems – ugeet?

Mat déiwem Respekt

| Liz Braz<br>Députée | Claire Delcourt<br>Députée |
|---|---|

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an dem Premierminister op d'parlamentaresch Fro n°4512 vum 21. Juli 2026 vun den honorabelen Deputéierte Liz Braz a Claire Delcourt**

**Wéi bewäert d'Regierung d'Roll vum Geseems als strategesch Ressource am Kader vun der nationaler Resilienz a Versuergungsséchereet?**

Geseems ass e fundamentaalt Produktiounsmëttel an domat vu strategescher Bedeitung fir d'Kontinuitéit vun der landwirtschaftlecher Produktioun an d'Versuergungsséchereet. Am Kader vun der nationaler Resilienzstrategie sollen déi bestoend Ofhängegkeeten, Risiken a Kapazitéiten analyséiert an de Besoin fir eventuell zousätzlech Mesurë bewäert ginn.

Zu Lëtzebuerg gëtt haaptsächlech Geseems vu Kären (dt. Getreide) a Grieser, grad esou wéi Setzgrompere produzéiert a vermaart. Véier Lëtzebuerger an eng däitsch Entreprise schaffen dofir mat ronn 100 Baueren (sg. "Vermehrer") zesummen. Grondsätzlech gëtt d'Produktioun ënner Kontrakt fir Clients aus dem In- an Ausland gemaach. D'Firmen, dorënner zwou landwirtschaftlech Genossenschaften, hunn dat néidegt Spezialequipement a këmmeren sech ëm d'Organisatioun vun der Vermehrung, d'Erfaassen, de Stockage an d'Opbereedung vun der Recolte an och ëm de Verkaf. Laut EU-Recht mussen d'Zorten am Gemeinsamen EU-Katalog registréiert sinn. D'Saatgut an d'Setzgrompere mussen offiziell zertifizéiert ginn, fir sécher ze stellen, dass se déi néideg Qualitéit hunn, notamment Zortenidentitéit, iwwerdrobar Krankheeten, a beim Saatgut d'Keimfäegkeet an d'Reinheet. Zu Lëtzebuerg ass d'Administration des services techniques de l'agriculture (ASTA) fir d'Zertifizéierung zoustänneg a mécht Feldkontrollen, Inspektioune bei de Firmen an Analysen am Laboratoire.

**Aus wéi enge Grënn gëtt d'Thema Geseems net explizit an der „Stratégie nationale de résilience" behandelt?**

Déi national Resilienzstrategie (SNR) baséiert op enger einfacher Iddi: Krisen trieden ëmmer méi dacks op, ginn ëmmer méi komplex a kënnen Auswierkungen op vill verschidde Beräicher hunn. D'Strategie setzt dofir op eng ganzheetlech Approche, déi op Virsiicht, Präventioun, Virbereedung a koordinéiert Zesummenaarbecht tëscht alle concernéierten Acteure berout.

Am Ëmgang mat Risiken, déi sech ënner dem Afloss vum Klimawandel permanent weiderentwéckelen, gesäit d'Strategie e kontinuéierleche, sektoriwwerschreidende Prozess fir d'Bewäertung vu Risike vir. Dëst erméiglecht et, d'Mesurë fir d'Stäerkung vun der Resilienz no Prioritéiten auszewielen an gezielt ëmzesetzen. Dëst erlaabt och, Themen ze berücksichtegen, déi an der SNR net explizitt ervirgehuewe ginn, awer trotzdeem relevant fir d'Stäerkung vun der Resilienz sinn.

**Verfüügt Lëtzebuerg aktuell iwwer strategesch Reserven u Geseems?**

- **Wann jo, fir wéi eng Kulturen a fir wéi eng Dauer?**
- **Wann nee, ass geplangt, esou Reserven opzebauen?**

Lëtzebuerg huet keng national strategesch Reserve vu Geseems. D'Quantitéite vun der nationaler Produktioun sinn den offiziellen Autoritéiten am Detail bekannt, et gëtt awer keng Obligatioun fir d'Produzenten, d'Baueren oder d'Händler, hir Stocken u Geseems a Setzgrompere mat ze deelen.

D'Produktioun an de Stockage lafe vu Joer zu Joer. Besonnesch bei deierem Saatgut, wéi Mais a Raps, ginn nëmme Quantitéite fir eng Saison gelagert. D'Komponente fir Grénglandmëschungen gi fir knapp ee Joer am Viraus akaf. Zu all Moment vum Joer ass Saatgut op Stock, allerdéngs just eng reduzéiert Gamme vun Aarten an Zorten.

Eng laangfristeg Lagerung ass wéinst dem Verloscht vun der Keimfäegkeet an dem Risiko vun engem Schued duerch Insekten oder Nagedéieren nëmme begrenzt méiglech. Setzgrompere kënnen héchstens eng Saison gelagert ginn.

**Wéi grouss ass d'Ofhängegkeet vu Lëtzebuerg vum Import vu Geseems, opgedeelt no de wichtegste Kulturen?**

**Wéi laang kéint d'landwirtschaftlech Produktioun zu Lëtzebuerg ouni Zougang zu importéiertem Geseems oprechterhalen ginn?**

Et gëtt zu Lëtzebuerg keng Ziichter vu Planzenzorten. Dofir gëtt all d'Material fir d'Vermehrung, dat sougenannte Prebasis- oder Basismaterial, am Ausland bei den Ziichter akaf. Dorauser loossen sech, aus rechtlechen an agronomesche Grënn, nëmmen eng begrenzt Unzuel vun neie Generatioune vermeeren. Dat europäescht Zorteschutzrecht verbitt, geschützten Zorten ouni d'Erlabnis vum Zortschutzinhaber, meeschtens dem Ziichter, ze vermeeren an ze vermaarten. D'Vermehrer, respektiv d'Firmen, bezuelen dofir Ziichterlizenzen, déi op den zertifizéiert Quantitéite berechent ginn. E Bauer dierf Geseems vu senger eegener Recolte nees ausséien, mee d'Qualitéit an den Ertrag huelen awer no a no of. Bei de Setzgromperen dierfen nëmmen zertifizéiert Knolle benotzt ginn, aus phytosanitäre Grënn.

Och wann d'Kulturen zu Lëtzebuerg etabléiert sinn, heescht dat net, dass dofir och all d'Geseems hei ka produzéiert ginn. Aus klimateschen, techneschen an agronomesche Grënn kann net bei all Aart déi néideg Qualitéit erreecht ginn, eis Betriber an Entreprisë sinn och net fir all Produktioun ageriicht. Wéinst der grousser Vilfalt vun Aarten an Zorten, an den oft klenge Quantitéite wier dat och net rentabel.

Bei de Käre gëtt Geseems vun alleguer den Aarten, déi hei am Land ugebaut ginn, och hei vermeert. D'produzéiert Quantitéite gi fir d'Ubauflächen zu Lëtzebuerg duer, et gëtt awer och hei e groussen Austausch mat de Nopeschlänner, well net all Zorte vun all Aart hei am Land kënne produzéiert ginn.

D'Geseems vu Mais a Raps kënnt komplett aus dem Ausland, och d'Geseems fir Zwëschefriichten an déi meescht Grasaarten, déi a Mëschunge fir Weeden a Wise verschafft ginn.

**Gesäit d'Regierung d'Noutwendegkeet, d'national Kapazitéiten an der Produktioun oder Vermeere vu Geseems ze stäerken?**

Am Kader vun der nationaler Resilienzstrategie ginn déi bestoend Produktiouns- a Vermehrungskapazitéiten analyséiert. Op Basis dovu gëtt bewäert, wéi eng Méiglechkeete fir eng Stäerkung bestinn an ob a wéi enge Beräicher zousätzlech Mesuren néideg a sënnvoll sinn.

**Ginn et aktuell Initiativen oder Pläng, fir déi lokal oder regional Geseems-Produktioun auszebauen, bezéiungsweis d'Landwirtschaft beim eegene Geseemsopbau ze ënnerstëtzen, an/oder robust, lokal ugepassten Zorten ze fërderen?**

All Joer bréngen d'Ziichter Honnerten nei Zorten op de Marché. Ziler si méi Resistenz, méi Klima-Toleranz a méi Ressourceneffizienz. Am Laf vun de Jore konnten esou d'Erträg an d'Qualitéite staark verbessert ginn, ouni dass méi muss gedüngt oder gesprëtzt ginn. Dat ass de sougenannten „Ziichtungsfortschrëtt". Net all nei Zorte sinn awer fir eis Buedem- a Klimaverhältnesser géeegent. Fir

robust an ugepassten Zorte fir eis Bauerebetriber ze fannen, ginn all Joer am ganze Land offiziell Zorteversich ugeluecht a wëssenschaftlech ausgewäert. Verantwortlech sinn d'Administration des Services Techniques de l'Agriculture, de Lycée Technique Agricole, d'Landwirtschaftskammer an d'Institut fir biologesch Landwirtschaft an Agrarökologie. Net nëmmen den Ertrag, mee och d'Krankheetsresistenz an aner agronomesch Critèrë ginn iwwer mindestens 3 Joer evaluéiert. D'Zorten, déi besser si wéi d'Moyenne vun deenen déi aktuell op der Nationaler Lëscht stinn, ginn agedroen a recommandéiert. D'Bauere kréien detailléiert Zortebeschreiwungen mat alle relevanten Informatiounen.

**Ass d'Regierung der Meenung, datt d'Disponibilitéit vu Geseems en integralen Deel vun der nationaler Resilienzstrategie soll sinn?**

- **Wa jo, wéi soll dës konkret ëmgesat ginn?**
- **Wann nee, firwat net?**

D'Actiounen 14 a 15 aus dem drëtte Pilier vun der SNR viséieren ganz konkret d'Sécherstellung vun der Liewensmëttelversuergung an d'Kontinuitéit vun der landwirtschaftlecher Produktioun. D'Disponibilitéit vu Geseems als fundamentaalt Produktiounsmëttel gëtt an dësem Kader mat berücksichtegt.

**Wéi eng Roll gesäit d'Regierung fir Lëtzebuerg am europäesche Kontext, wat d'Sécherung vu landwirtschaftleche Grondressourcen – dorënner Geseems – ugeet?**

D'Saatgutproduktioun konzentréiert sech iwwerall an Europa op bestëmmte Regiounen, wou spezifescht Aarte produzéiert ginn. Aus agronomeschen, logisteschen a kommerzielle Grënn. Dës Spezialiséierung bedeit och, dass e groussen Deel vun der Lëtzebuerger Produktioun vu vir era fir de Verkaf an d'Ausland bestëmmt ass, virun allem de Grassom an d'Setzgromperen, awer och deelweis d'Kären.

D'Zertifizéierung vum Saatgut an de Setzgromperen gëllt a ganz Europa, och vill Drëttstaaten akzeptéieren dëse Qualitéitssystem, esou dass den internationalen Austausch selbstverständlech ass.

D'Grompereproduktioun zu Lëtzebuerg huet ofgeholl. Setzgromperen aus nationaler Produktioun gi gréisstendeels an d'Ausland verkaf, an der lescht sinn et virun allem Zorten déi an eisen Nopeschlänner fir d'Fritteproduktioun bestëmmt sinn. Vu dass et fir vill Länner am Mëttelmierraum, dem Noen Osten a Nordafrika schwiereg ass, selwer gutt Setzgromperen ze produzéieren, kafen dës Länner, wou vill Iessgromperen produzéiert ginn, d'Setzgromperen an Europa an, dorënner och zu Lëtzebuerg. D'Iessgromperen kommen dann deelweis zréck an Europa.

Lëtzebuerg, den 19. August 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau